N°242
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°242 vum 26. Januar 2024 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen betreffend den Design vun den RGTR Busser.**

1. **Ass mëttlerweil all Bus am RGTR Reseau am neie Look ausgestatt ginn?**

   Vun den aktuell 1.218 RGTR Busser déi am RGTR fueren an ugemellt sinn, fueren der aktuell 880, dat sinn 73,2 %, am neien RGTR-Design. D'Busfirmae sinn dobai dei reschtlech Busser sou séier wéi méiglech mam neien Look auszestatten. Am Laf vun dësem Joer misst esou déi ganz RGTR Flott am neien Design gepecht sinn.

2. **Wat ass de Feedback vun de Passagéier?**

   Zu dësem Sujet gouf bis elo nach kee Sondage bei de Passagéier gemaach.

3. **Wat ass de Feedback vun de Busfirmaen?**

   Fir eng Busfirma, déi fir d'Bedreiwe vun RGTR-Linne nei Busser akeeft, spillt en neie Look weider keng Roll. Fir en Bus-Reseau ass awer méi generell eng "Identité visuelle" eng Plus-value, well doduerger den Réseau a seng Offer méi Visibilitéit kritt. Dowéinst huet och praktesch all Bedreiwer vun ëffentlechem Transport am Grand-Duché an am Ausland eng "Identité visuelle" fir säi Fuerpark.

4. **Wéi vill huet d'Ëmgestaltung vun de Busser kascht, déi dee Moment am Ëmlaf waren? Wien huet dës Käschte gedroen?**

   D'Käschte fir d'Ëmgestaltung vun de Busser waren an der Gesamtoffer vun de Busfirmae fir d'RGTR-Ausschreiwung 2020 matt abegraff.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes